N°4188
Entrée le 03.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.06.2026
Chambre des Députés

CSV AN DER CHAMBER

**Här Claude Wiseler**

**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 3. Juni 2026**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Dageseltere leeschten eng wichteg Aarbecht an der Kannerbetreiung. Si bidden de Kanner e familiäert an individuellt Ëmfeld a droen dobäi eng grouss pädagogesch a mënschlech Verantwortung.

An der ëffentlecher Diskussioun gëtt dëse Beruff awer dacks op den Tarif pro Stonn a pro Kand reduzéiert. Dobäi gëtt vergiess, datt nëmmen déi effektiv Präsenzstonne vum Kand verrechent kënne ginn, wärend vill aner Aufgaben – wéi Akafen, Kachen, Botzen, Preparatioun, administrativ Aarbecht oder Opraumen – net verrechent kenne ginn.

Mam neie Gesetzesprojet fir 2027 entsteet ausserdeem bei ville Concernéierten den Androck, datt Assistantes parentales zwar offiziell als selbstänneg an onofhängeg gëllen, an der Praxis awer ëmmer méi staark encadréiert a limitéiert ginn. Si droen d'Risike vun enger selbstänneger Aktivitéit, dat ouni garantéiert Pai, ouni Garantie op genuch Kanner, a mat ville Käschten ewéi CCSS, Material, Iessen, Assurance, Auto, Stroum, Waasser an administrative Chargen.

Zousätzlech huet d'Gratuitéit vum SEA wärend de Schoulzäiten d'Situatioun fir eng Rei Dageselteren erschwéiert. Doduerch stellt sech d'Fro, ob déi aktuell Tariffer nach der Realitéit vum Beruff entspriechen an ob eng reegelméisseg Upassung noutwenneg ass.

An deem Kontext wollt ech follgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

- Ass der Regierung bewosst, datt vill Aufgaben am Alldag vun den Dageselteren, wéi Botzen, Akafen, Kachen, Preparatioun an administrativ Aarbecht, net facturabel sinn, obwuel se integral zum Beruff gehéieren? Gedenkt d'Regierung dës onsichtbar Aarbechtszäit bei enger zukünfteger Evaluatioun vum Modell mat anzebannen?

- Verfüügt d’Regierung iwwer Zuelen, wéi vill Assistantes parentales hir Aktivitéit an de leschte Joren opginn hunn, respektiv wéi vill nei Autorisatiounen am selwechten Zäitraum ausgestallt goufen?
- Gedenkt d’Regierung eng automatesch Indexéierung oder eng reegelméisseg Upassung vum Stonnentarif un d’Entwécklung vun de Liewenskäschten anzeféieren, fir datt d’Recettë vun den Dageselteren net permanent hannert de steigende Käschten zeréckbleiwen?
- Huet d’Regierung Analysen oder Donnéeën doriwwer, wéi sech d’Reform vum SEA wärend de Schoulzäiten op d’Aktivitéit, d’Zuel vun de betreite Kanner an d’finanziell Situatioun vun den Dageselteren ausgewierkt huet? Falls jo, kann den Här Minister dës Resultater matdeelen?
- Wéi eng konkret Mesurë plangt d’Regierung, fir de Beruff vun den Dageselteren nees méi attraktiv, finanziell nohalteg a gesellschaftlech unerkannt ze maachen, besonnesch fir déi Persounen, déi dëse Beruff als Haaptaktivitéit ausüben?
- Kann d'Regierung analyséieren, ob d'Berufserfarung an d'Formation continue vun den Assistantes parentales am Kader vun der VAE méi staark kënne valoriséiert ginn, fir den Accès op unerkannt Diplomer am sozialen a pedagogesche Beräich ze erliichteren?

Här President, bieden ech Iech, main déifste Respekt unzehuelen.

Nancy ARENDT

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4188 vun der honorabeler Deputéiert Nancy Arendt**

1. **Ass der Regierung bewosst, datt vill Aufgaben am Alldag vun den Dageselteren, wéi Botzen, Akafen, Kachen, Preparatioun an administrativ Aarbecht, net facturabel sinn, obwuel se integral zum Beruff gehéieren? Gedenkt d'Regierung dës onsichtbar Aarbechtszäit bei enger zukünfteger Evaluatioun vum Modell mat anzebannen?**

Dageselteren üben hir Aktivitéit am Statut d'indépendant aus. Dëse Statut bitt hinnen eng gewëssen Autonomie bei der Organisatioun vun hirer Aarbecht, besonnesch andeems si hir Aarbechtszäite selwer festleeë kënnen, d'Betreiung no hire Verfügbarkeeten organiséieren a vun doheem aus schaffen. Dës Flexibilitéit ass e wichtege Faktor fir d'Attraktivitéit vum Beruff.

D'Regierung ass sech deene Schwieregkeeten, déi mam Statut vum Selbstännege verbonne sinn, bewosst. D'Aktivitéit vun den Dageseltere beschränkt sech net nëmmen op d'Zäiten, an deenen d'Kanner present sinn, mee ëmfaasst och eng Rei vun Aufgaben, déi onëmgänglech sinn, fir de gudde Fonctionnement an d'Qualitéit vun der Betreiung ze garantéieren, wéi zum Beispill déi pedagogesch Virbereedung, d'Virbereedung vun de Molzechten, d'Weiderbildungen oder administrativ Demarchen.

Am Kader vun der Reform vun den Dageselteren, déi 2023 a Kraaft getrueden ass, gouf de Stonnentarif fir d'Betreiung op 5,40 Euro pro betreit Kand erhéicht, fir de verschiddene Käschten, déi mat hirer Aktivitéit verbonne sinn, besser Rechnung ze droen.

Déi am Kader vum Chèque-service accueil applizéiert Tariffer droen dozou bäi, dës Aufgaben am Kader vun der Gesamtaktivitéit vum Assistant parental ze remuneréieren. Mam Projet de loi n° 8686 gëtt eng Kompensatioun agefouert, déi dozou bäidroe soll, d'Recettë vun den Assistants parentaux ze stabiliséieren an hinnen eng méi grouss finanziell Visibilitéit ze ginn.

2. **Verfüügt d'Regierung iwwer Zuelen, wéi vill Assistantes parentales hir Aktivitéit an de leschte Joren opginn hunn, respektiv wéi vill nei Autorisatiounen am selwechten Zäitraum ausgestallt goufen?**

D'Regierung verfügt iwwer Donnéeën zu den ausgestallten an annuléierten Agremente vun den Dageselteren. De follgenden Tableau weist eng Oplëschtung vun den neien Agrementen, déi an de leschte fënnef Joer ausgestallt goufen, souwéi vun den Agrementen, déi am selwechten Zäitraum annuléiert goufen.

| Joer | Unzuel Annulatiounen Agrementen fir Dageselteren | Unzuel nei Agrementen fir Dageselteren |
|---|---|---|
| 2021 | 49 | 10 |
| 2022 | 53 | 5 |
| 2023 | 27 | 13 |
| 2024 | 27 | 4 |
| 2025 | 29 | 3 |

3. **Gedenkt d'Regierung eng automatesch Indexéierung oder eng reegelméisseg Upassung vum Stonnentarif un d'Entwécklung vun de Liewenskäschten anzeféieren, fir datt d'Recettë vun den Dageselteren net permanent hannert de steigende Käschten zeréckbleiwen?**

   De Projet de loi n° 8686 gesäit vir, datt d'Montanten am Kader vum Chèque-service accueil un den Index ugepasst ginn. Doduerch gëtt garantéiert, datt d'Finanzéierung vum System de Schwankunge vun de Liewenskäschte Rechnung dréit.

   Doriwwer eraus gouf mat der Reform och eng Differenzéierung vun de Stonnentariffer jee no Qualifikatiounsniveau vun den Dageselteren agefouert. Dës Mesure ass Deel vun der Demarche vun der Regierung, d'Attraktivitéit vum Metier vun den Dageselteren ze stäerken an de Beruff nohalteg opzewäerten.

4. **Huet d'Regierung Analysen oder Donnéeën doriwwer, wéi sech d'Reform vum SEA wärend de Schoulzäiten op d'Aktivitéit, d'Zuel vun de betreite Kanner an d'finanziell Situatioun vun den Dageselteren ausgewierkt huet? Falls jo, kann den Här Minister dës Resultater matdeelen?**

   D'Mesure vun der Gratuité scolaire gëllt gläichermoosse fir de Service de l'éducation et de l'accueil an d'Assistants parentaux. Si bezitt sech op schoulflichteg Kanner, onofhängeg dovun, ob dës an engem Service d'éducation et d'accueil oder bei engem Assistant parental betreit ginn.

   Schoulflichteg Kanner, déi wärend de Schoulwochen tëscht 7:00 Auer an 19:00 Auer bei engem Assistant parental betreit ginn, profitéieren deemno och vun der Gratuité scolaire ënnert de gesetzleche Konditiounen.

   An de Bildungs-a Betreiungsstrukturen (SEA) an an de Mini-Crèchen, déi jonk Kanner betreien, profitéieren d'Eltere vun engem Maximum vun 20 gratis Betreiungsstonne pro Woch fir Kanner ab dem Alter vun engem Joer bis zum Ufank vun der Schoulflicht, an dat wärend 46 Wochen am Joer.

   Bis elo huet dës Gratuitéit fir d'SEAen an d'Mini-crèchë gegollt, déi jonk Kanner ophuelen. D'Reform vum Chèque-service accueil gesäit elo vir, dës Gratuitéit och op d'Dageselteren auszebauen, am Kader vum Programm *Éveil linguistique*, fir sécherzestellen, datt all Kand ënnert de selwechte Konditioune vun der Gratuitéit profitéiere kann, onofhängeg dovun, wéi eng Betreiungsform d'Eltere gewielt hunn.

5. **Wéi eng konkret Mesurë plangt d'Regierung, fir de Beruff vun den Dageselteren nees méi attraktiv, finanziell nohalteg a gesellschaftlech unerkannt ze maachen, besonnesch fir déi Persounen, déi dëse Beruff als Haaptaktivitéit ausüben?**

De Projet de loi n° 8686 gesäit eng Rei Mesurë vir, déi dozou bäidroe sollen, de Beruff vum Assistant parental méi attraktiv a finanziell nohalteg ze gestalten.

Nieft der Aféierung vun enger Kompensatioun, déi eng méi grouss Stabilitéit vun de Recetten erméiglecht, sinn och differenzéiert Tariffer jee no Qualifikatioun virgesinn. Dës Mesure soll besonnesch d'Qualifikatioun an d'Professionaliséierung vum Beruff valoriséieren. Mam Akraafttriede vum neie Gesetz géif de Stonnentarif pro betreit Kand un de Qualifikatiounsniveau vun den Dageselteren ugepasst ginn. Déi zousätzlech Käschte gi vum Staat iwwerholl, esou datt se net op d'Käschte vun der Betreiung fir d'Familljen ofgewälzt ginn.

Dës Mesure huet zum Zil, d'Qualifikatioune vun den Dageselteren ze valoriséieren, d'Professionaliséierung vum Beruff ze stäerken, d'Attraktivitéit vun der Aktivitéit ze verbesseren an d'Méiglechkeete fir eng berufflech Weiderentwécklung ze fërderen.

Zousätzlech gouf mam *Éveil linguistique* eng Dispositioun geschaf, déi d'pedagogesch Roll vun den Assistants parentaux stäerkt an et den Elteren erméiglecht, fir Kanner am Alter vun engem bis véier Joer wärend 46 Wochen am Joer vun 20 gratis Stonnen ze profitéieren.

6. **Kann d'Regierung analyséieren, ob d'Berufserfarung an d'Formation continue vun den Assistantes parentales am Kader vun der VAE méi staark kënne valoriséiert ginn, fir den Accès op unerkannt Diplomer am sozialen a pedagogesche Beräich ze erliichteren?**

D'Bedéngunge fir d'Unerkennung am Kader vun der VAE sinn national festgeluecht a baséieren op de Kompetenzen, déi fir de jeeweilegen Diplom virgesi sinn. Dobäi ginn déi berufflech an ausserberufflech Erfarungen an déi relevant Formatiounen vun de Kandidate berücksichtegt. D'Dageseltere kënne schonn haut d'Kompetenzen, déi si sech am Beruff ugëeegent hunn, an d'Erfarungen, déi si do gesammelt hunn, am Kader vun enger VAE unerkannt kréien.

Lëtzebuerg, de 26. Juni 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH